# Quiz iwwer Altwis

## E puer Bemierkungen zum Quiz

D'Idee derzou gouf gebuer aus engem Hobby vum Sekretär Fernand Tremuth : d'Computeren an d'Schreiwe vu Programmen.

Déi Idee huet no an no Gestalt ugeholl, gouf tëschen dem President an dem Sekretär (an hire besseren Halschteten) duerchdiskutéiert an dann am Comité den 21.11.1988 presentéiert.

D'Ausféierung kruten dann de President an de Sekretär iwwerdroen, well och déi aner Membren vum Comité sollten drun deelhuele kënnen.

Ze verstoen ass, dass vill Leit sech ofschrecke gelooss hunn (« Ech weess dach näischt iwwer Wis ! ») an déi grouss Zuel vun Äntwertenziedelen (aner soen et wieren der net vill) ass zu engem groussen Deel eisem President a senger Equip op der Spuerkeess ze verdanken, déi massiv Reklamm gemat hunn.

Vun deenen ongeféier 1 300 Ziedelen, déi gedréckt goufen, sinn der 1 150 verdeelt ginn ; 217 krute mer der erëm (3 ongülteger), ëmmerhin gutt 18%.

Begeeschternd (fir mech) war dann awer d'Reaktioun vun eise Finalisten : et gouf gelies, gefrot, geléiert, gebéxt, ... Zum Schluss woussten si (bal) alles, vill méi wi mir. Date si kurséiert, mir krute Froe gestallt iwwert all Méigleches (beäntwerten duerfte mer se jo net).

## 14.02.1989 bis 01.03.1989 : Virentscheedung vum Quiz

## 01.03.1989 : Enne vun der Virentscheedung

De President an de Sekretär werten d'Ziedelen aus. Owes em 8 Auer hat de Gerry d'Ziedele schonn all der Rei no leien, provisoresch louchen d'Finaliste scho vir, mir mussten allerdéngs de Bréifdréier vum 2. März nach ofwaarden (Poststempel zielt !!). Effektiv koumen dann och nach 3 Ziedelen no.

Erakoumen 217 Ziedelen (dovun 3 ongülteger : 3 Kanner, déi nach keng 12 Joer haten). 214 waren der also gülteg an domatt d'Äntwert vun der Zousazfro : 214.

Genau getraff hat keen déi Zuel, 1 derniewent louch de Fränz Muller, Paschtouer vun Elléng. Getippt haten : de Pessimist Zepp Gilbert (75) an den Optimist Ney Jean-Pierre (8587).

24 Ziedelen (11,7%) waren zum Deel falsch beäntwert : déi eng haten eng Äntwert vergiess, anerer haten sech geiirt am Datum vun der Grënnung vun de Wiisser Leit oder an der Zuel vun de Schoulklassen zu Wis.

76 Leit vu Wis (± 1/3 )hate matgemat, 42 Munnerëfer, 3 (!!) Ellénger, dann awer och Leit vun Canech, Greiweldéng, Wellesteen, Monnerech, Uespelt, Réngel, Bërmeréng, Ettelbréck, Moutfert, Lennéng, Monnerech, Betten un der Mess, Bartréng, Lëtzebuerg, Fëlschdrëff, Esch/Uelzecht, Bouneweg, Riemeschen, Hueschtert bei Réiden, Alzéng, Haassel, Helléng, Schuller, Hesper, Gouschténg, Éimeréng, Rëmeléng, Péiténg, Tandel, Hielem, Betebuerg, Houwald, Nidderkäerjéng, Iechternach, Itzeg, Meespelt, Sandweiler, Fluesweiler.

Vum Comité haten net matgemat : Hein Gérard an Tremuth Fernand (si duerften net), Braun Jos, Hermes Patrick an Zambon René.

Finaliste waren :

1. Muller Fränz
2. Brandenburger Carlo
3. Berscheid Gérard
4. Carvalho Isabelle
5. Grisius Marie-Anne
6. Hentzen Jean
7. Gengler François
8. Frantz Josephine
9. Steichen René
10. Raquet Michel

Vun de Finalisten huet d'Nummer 8, d'Madame Frantz, verzicht. Doduerch koum (duerch Lous - Hein Olivier huet gezunn - entscheed) de Camille Peters (Bréifdréier zu Altwis) an d'Final.
E Bréif geschriwwe kruten déi 10 Finalisten an déi 11 Ersatzkandidaten (Nummeren 11 bis 21, wéint ex-aequo sinn et der 11) fir d'Final.

## 08.03.1989 : D'Jury vum Quiz

Fir dësen Owend hate mer d'Jury vun eisem Quiz bei de Sekretär heem invitéiert, fir mat hinnen d'Detailler an d'Froe vum Quiz ze diskutéieren an ze klären.
Membre vum Jury waren : Lé Tanson (President), Bosseler Fernand (Riichter vu Beruff) an Zeimet Frank (Scheffen vun der Gemeng, zoustänneg fir Altwis).
Diskutéiert gouf dann och (wann och net ëmmer iwwert de Quiz) bis spéit an d'Nuecht eran bei engem Pättche Wäin, engem Maufel Guiche etc, an engem Stéck Tiramisu.
Net eeneg goufe mer beim Thema : Soll Lëtzebuerg an der EG bleiwen oder net ?

# 19.03.1989 : 1.* Quiz iwwer Altwis

Samschdes Nomëttes gouf opgeriicht. Fir méi Leit an de Sall ze kréien, hate mer 20 Dëscher vum Dépositaire Troes geholl ; domat sollte mer dann och sonndes méi wéi 150 Leit an de Sall erakréien.
Nomëttes an esou guer owes goufen nach Froen geännert, verbessert an neier erageholl (Velo-Club Altwies).
Sonndes ware kuerz no 3 Auer dann all Kandidaten zur Plaz a mir konnten ufänken.

## 1. Ronn :

E Kand oder eng Joffer aus dem Sall zéit 2 Finalisten. Si spille géinteneen. Wien déi meeschte richteg Äntwerte weess, kënnt an déi 2. Ronn. Jidfer Kandidat konnt sech och eng Hëllef matbréngen (steet tëschend Klameren).

1. Tour : Hentzen Jean (+ Kolleg vun der Spuerkeess) géint Brandenburger Carlo (+ René Putz) : 0-0, 0-1, 1-2, 2-3.
2. Tour : Berscheid Gérard (+ Berscheid Jean) géint Carvalho Isabelle (+ Putz Marco) : 0-1, 0-2, 1-2, 2-3.
3. Tour : Raguet Michel (+Leick Jos.) géint Grisius Maria-Anne (+Eberhardt Josephine) : 1-1, 2-1, 3-2, 4-3.
4. Tour : Steichen René (+Steichen Marco) géint Peters Camille (+Stoffel Jos.) : 1-1, 1-1, 2-2, 3-3. Domat war déi éischte Stéchfro, eng Schätzfro fälleg. Gewonn huet dobäi de Steichen René.
5. Muller Fränz (+Schmit Armand) géint Gengler François (+Kohn Eugène), de Paschtouer géint den Dokter : 1-1, 2-1, 3-2, 4-2.

Domat stoungen d'Kandidaten fir déi zweet Ronn (bal) fest. De Muller Fränz huet no der éischter Ronn misse Forfait erklären, hien hat nämlech fir 17 Auer e Kräizwee ugekënnegt. D'Jury huet dun entscheed, dass déi Kandidaten, déi an der éischter Ronn déi meeschten Äntwerten gewosst haten, erëm eng Chance kréien, an d'Tëscheronn ze kommen. Et waren dat Marie-Anne Grisius a Camille Peters. D'Schätzfro konnt de Camille Peters ganz genau beäntwerten, hie war domat de 5. Mann aus der 2. Ronn.

## 2. Ronn :

An der zweeter Ronn krut all Kandidat 5 Froe gestallt. Dat goung all Kéier esou :

- De Kandidat wielt eng Nummer vun der Filztafel.
- Vum Computer liest de Sekretär d'Fro vir a start duerno d'Bedenkzäit.
- De Kandidat huet eng hallef Minutt Bedenkzäit, fir sech mat senger Hëllef ofzestëmmen.
- De Kandidat gëtt seng Äntwert.
- De Sekretär kontrolléiert d'Richtegkeet om Computer a gëtt eventuell weider Erklärungen zur Fro.

---

* Deen zweeten ass net fir d'nächst Joer geplangt !

| Peters | Brandenburger | Raguet | Carvalho | Steichen |
|---|---|---|---|---|
| 1 | 1 | 0 | 1 | 1 |
| 2 | 2 | 1 | 1 | 2 |
| 3 | 3 | 2 | 2 | 3 |
| 4 | 3 | 3 | 3 | 4 |
| 5 | 4 | 4 | 4 | 5 |

Als streng ugesinn gouf vum Publikum eis Entscheedung, d'Äntwert vum Brandenburger Carlo iwwert d'Paschtéier vu Wis. Gesot gouf Graul a Ley. Mir froen no, well 2 Paschtéier mam Numm Ley zu Altwies gewierkt hunn, awer nëmmen de Ley Eugène zu Altwis ugestallt war. Leider koum dun déi falsch Äntwert : Ley Jean (Paschtouer zu Munneräf).
Fro un de René Steichen : Wie wunnt haut a Schwäitzesch ? Äntwert : Steichen René. Et gëtt Zoufäll ...
Domat stungen déi 2 Finalisten da fest : Steichen René a Peters Camille.

Finalronn :
No enger weiderer Paus krut da jidferee vu de Finalisten 15 Froe gestallt.

| Peters Camille | Steichen René |
|---|---|
| 1 | 1 |
| 1 | 1 |
| 2 | 1 |
| 2 | 2 |
| 3 | 3 |
| 4 | 3 |
| 5 | 3 |
| 5 | 4 |
| 5 | 5 |
| 5 | 6 |
| 6 | 7 |
| 7 | 8 |
| 8 | 9 |
| 8 | 10 |
| 9 | 11 |

E falschen Datum an der 1. Fro féiert derzou, dass mer eng Ersatzfro stelle mussen. Och bei der leschter Fro iwwert d'Quell vun der Albaach kann net eendäiteg beäntwert ginn. Um Resultat ännert dat allerdéngs näischt méi, an esou gëtt de René Steichen grousse Champion am 1. Quiz iwwer Altwis.
Den Här Tanson proklaméiert d'Resultater. De President, deen bravourös duerch de ganze Quiz gefouert huet, iwwerreecht d'Geldpräisser an d'Cadeauën fir d'Jury.
Mat gemittlechem Gespréich goung dann dee flotten Nomëtteg zu Enn.

Finanzielle Bilan :

| | |
|---|---|
| Recettes : | 17.740.- |
| Dépenses : | 12.327.- |
| Boni : | 5.413.- |
| Präisser : | 36.000.- |
| Definitive Mali : | 30.613.- |